ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

N° 6400
Reçue le 22.06.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 22.06.2022

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 22. Juni 2022

Här President,
esou wéi d'Chamberreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Premierminister an un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

D'Militärhëllef fir d'Ukrain ass en Dauerthema zënter dem Ufank vun de Krichshandlungen an et ass bal eng Saach vun der Onméiglechkeet fir all d'Liwwerungen ze suivéieren. Beispillhaft huet däi däitsch Regierung elo eng Lëscht mat deem vun Däitschland geliwwerte Material mat geneeë Quantitéite publik gemaach (Militärische Unterstützungsleistungen für die Ukraine | Bundesregierung). An och d'USA hu scho Lëschte vu Militärliwwerunge public gemaach. Duerfir wëll ech der Regierung dës Fro stellen:

1. Kann d'Regierung mir eng detailléiert Lëscht mat alle Liwwerunge vu Militärmaterial, inklusiv Waffen a Munitioun, un d'Ukrain (no deem däitsche Modell) maachen?
2. Wat fir Niewekäschte ware mat dëse Liwwerunge verbonnen?
3. Ass d'Regierung gewëllt wéi Däitschland dës Lëschten aus Grënn vun der Transparenz publik ze maachen a reegelméisseg ze aktualiséieren?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 6400
Reçue le 12.07.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

Direction de la Défense

**Äntwert vum Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 6400 vum 22. Juni 2022 vum honorabelen Deputéierten Fernand Kartheiser**

Wéi ech et an der zoustänneger Chamberskommissioun erkläert hunn, ass et mer wichteg reegelméisseg iwwert ons Liwwerunge vu Militärmaterial un d'Ukrain z'informéieren.

D'Direction de la défense, an Zesummenaarbecht mat der Lëtzebuerger Arméi, huet bis zum haitegen Datum follgend Militärmaterial ausgeliwwert:

- 102 NLAW – Anti-Panzer Waffen
- 20.000 Schoss Munitioun fir Maschinnegewierer vum Kaliber 12,7mm
- 7 Jeep Wrangler Liaisounsween
- 15 Zelter
- 12.500 Schoss RPG7 – Anti-Panzer Munitioun
- 22.400 Gasmasken
- 44.800 Filter fir Gasmasken
- 5.000 Schutzvesten Cat IV
- 5.000 Helmer Cat III+
- 200 Schoss BM 21 Artilleriemunitioun
- 10 Sette Satellittekommunikatiounssystemer

Weider Liwwerunge vu Militärmaterial si geplangt.

Déi eenzeg Niewekäschten, verbonne mat dëse Liwwerungen, waren Transport- an administrativ Käschten.

Lëtzebuerg, den 12. Juli 2022

(s.) François Bausch
Verdeedegungsminister